N°3645
Luxembourg, le 11.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kultur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Zu Péiteng soll een Eisebunnsmusée opgemaach ginn, an deem, nieft historeschem Fuermaterial, och historesch wäertvoll Deeler vun der fréierer Ettelbrécker Gare sollen agebaut ginn, dëst am Sënn vum Denkmalschutz an Ëmweltschutz. Op der Website *CIRCULAR BUILDING KNOWLEDGE PLATFORM* ass vun engem potenzielle Recycling-Taux vu ronn 14 bis 17 Prozent rieds.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass de Undeel vun de Bauelementer vun der Ettelbrécker Gare, déi nom Ofrëss geséchert goufen a weidergenotzt ginn?
2. Wien sinn d'Abnehmer vun de geséchert Bauelementer?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés